N°2146
Entrée le 23.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N°2146 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen.**

Am Kader vun der aktueller Reorganisatioun vum ëffentleche Busreseau freet den honorabelen Deputéierte no de Grënn, firwat ugeduecht ass, d'Linn 17 an den nationale RGTR-Réseau z'integréieren.

An engem Schreiwes vum 5. Dezember 2024 huet de Buergermeeschter vun der Gemeng Monnerech mech gefrot, d'Méiglechkeet ze analyséieren, dës Linn an den RGTR-Réseau z'integréieren. Op meng Demande hin hunn déi néng Membersgemengen vum TICE sech an hirem Courrier vum 4. Februar 2025 mat dëser Propose averstanen erkläert.

D'Haaptmotivatioun dofir ass, dass déi geplangten Erweiderunge vum gesamte Busreseau am Süden iwwer déi nächst Jore bis 2035 eng disproportional héich Charge fir den TICE bedeit hätten, déi den TICE an d'Gemengen net méi géife packen am Kader vun de Ressourcen an der Plaz, déi dem Syndikat aktuell zur Verfügung stinn.

Et ass mir wichteg hei nach eng Kéier ze betounen, dass mäin Zil doranner besteet, d'Busoffer fir d'Bierger am Süden auszebauen. Wat d'Haltestellen ugeet, esou gëtt et am Prinzip keng spezifesch TICE- oder RGTR-Haltestellen, mee gemeinsam genotzte Busarrêten, wou net den Operateur relevant ass, mee d'Frequenz, d'Destinatiounsméiglechkeeten an d'Zouverlässegkeet vum Service.

D'Decisioun, d'Linn 17 weiderhin Oprecht ze erhalen an deemno an den RGTR z'integréieren, steet am Kontext vun engem méi breede strategesche Mobilitéitsplang fir de Süden, dee follgend Ziler verfollegt:

1. Déi grouss Agglomeratiounen an Aarbechtszentren an der Südregioun beschtméiglech ënnereneen ze verbanne mat maximal enger Korrespondenz.
2. 95 % vun der Bevëlkerung eng Frequenz vu manner wéi 30 Minutte kënnen unzebidden,
3. Eng zouverlässeg, komfortabel an nohalteg Infrastruktur fir d'Reesender/innen ze garantéieren.

D'Reorganisatioun vum Busreseau am Süden soll dës dräi ambitiéis Objektiver erméiglechen. Hei schaffen, am Interessi vum Bierger, d'interkommunal Syndikater an de Staat Hand an Hand un enger kohärenter a moderner Mobilitéitspolitik ouni awer ee Partner mat dësen ambitiéisen Zieler ze iwwerfuerderen.

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes